

Oppene Bréif un déi Hären Äerzbëschof, Kultusminister an Inneminister

„Obwuel ...”

Iwwer Trennung vu Kierch a Staat a besonnesch iwwer d’Zukunft vun de Kierchefabrécken ass zanter Januar 2015 zwar vill geschwat ginn, ebe just net mateneen. Kloer ass just, datt sech d’Regierung an d’Bistumsleitung eens sinn, d’Kierchefabrécken ofzeschaffen, hire Patrimoine ze konfiskéieren an un d’Gemengen an en „Fonds” ze verdeelen. Datt d’Kierchefabrécke bei deem Handel net gefrot goufen, an datt si carrement enteegent ginn, gesouche bis elo weder Regierung nach Ordinariat an, an et ass gemaach ginn, wéi wann déi Oppositoun just e Stréifeier beim SYFEL wär. Am Laf vum Jar sinn awer eng ganz Panoplie un Elementer un den Dag komm, déi méi wéi däitlech weisen, datt et kee klengt Stréifeier ass, mee e Flächebrand.

Well,

- obwuel de SYFEL, deem seng Meenung an deem Dossier eendeiteg ass, am Laf vun de leschte Méint nach Membere bäikrut, an elo 262 Memberen zielt (92% vun alle Kierchefabrécken);
- obwuel iwwer 205 Kierchefabrécken Iech e Protestbréif zoukomme gelooss hunn, wou si sech e.a. géint hir Opléisung an hir Enteegnung wieren;
- obwuel iwwer 90 Resolutiounen un Iech an un aner national an international Gremie gaange sinn, fir op de Verstouss géingt nationalt an internationalt Recht hinzewiesen;
- obwuel d’Petitioun fir den Erhalt an d’Moderniséierung vun de Kierchefabrécken iwwer 11500 Ënnerschrëften abruecht huet an nëmmen doduerch wahrscheinlech e Gespréich téscht der zoustänneger Kommissioun, den zoustännegen Ministeren an dem SYFEL zustane kennt;
- obwuel bis elo 105 Kierchefabrécke beschloss hunn, sech zivilrechtlech géint déi Konventioun, déi Dir Här Äerzbëschof an Här Inneminister ënnerschriwwen hutt, virzegoen;
- obwuel de SYVICOL sech alles anescht wéi positiv iwwer de Gesetzprojet Nr. 7037 ausgedréckt huet;
- obwuel de renomméierte Verfaassungsexpert Prof. Francis Delpérée, deen och déi virrëcht CSV-LSAP-Regierung fir Constitutiounsfroen erugezunn hat, confirméiert, datt de Wee, deen d’Regierung an d’Bistum hei ageschloen hunn, widder d’Constitutioun an d’Besëtzer geet;
- obwuel de Gesetzprojet kloer géint d’Gemengenautonomie verstéisst;
- obwuel d’Konventioun vum Januar 2015, op déi deGesetzesentwurf sech beriff, nach ëmmer net an der Chamber guttgeheescht gouf;
- obwuel dës Gesetzvirlag ganz sécher 2016 net méi an der Chamber diskutéiert gëtt;
- obwuel x Konventiounen téscht Gemengen a Kierchefabrécke vun Iech refuséiert goufen, well se net Äre Virstellungen entsprechen;

- obwuel e „Projet de loi” *per se* absolut kee kann obligéieren;
- obwuel also keen eenzege juristesch gültegen Text Iech d’Recht gëtt, vun de Gemengen oder de Kierchefabrécken ze fuerderen, Konventiounen z’ënnerschreiwen, déi widder d’Konkordat an dat aktuellt gültegt Dekret ginn,

verweigert Dir net nëmme weider den Dialog mat de Kierchefabrécken, ignoréiert des Tatsaachen a fuert virun Drock op d’Gemengen an op d’Kierchefabrécken auszeüben, fir virum 1. Januar hiert Schicksal ze besigelen a Konventiounen z’ënnerschreiwen.

Reng an eleng den Onwëllen d’nächst Jar nach ze verhandelen, ass eng Erklärung fir deen zäitlechen Drock, well et huet sech am Januar nach absolut näischt um Statut vun de Kierchefabrécke geännert an d’Gesetz ass nach ëmmer net applikabel an d’Statute sinn nach ëmmer net bekannt.

An awer haalt Dir mordikus un der „Deadline” vum 1. Januar fest, fir de Kierchefabrécken an de Gemengen d’Angscht anzedreiwen, si zum Noginn ze bréngen, fir dat dann uschléissend als breeden Accord an Eenegkeet am Dossier duerzestellen. Datt des Signatairen ënner Drock eng Kaz am Sak kaaft hunn, nämlech sech engem Gesetz erginn hunn, wat nach net fäerdeg ass, an engem „Fonds” deen nach vëlleg onbekannt ass, intresséiert Iech net. Mee dës Kéier gëtt „d’Fauscht net an der Täsch” gemaach, well 105 Kierchefabrécke wäerten juristesch Schrëtt aleeden loossen.

Dir, Här Äerzbëschof, als Hiert vum Äerzbistum, sot guer näischt dozou, a berufft Iech nuren op den Inneminister a sidd Iech mat him an allem eens, wat d’Opléisung vun de Kierchefabrécken ugeet, obwuel et widder nationalt an internationalt Recht ass an och d’kanonescht Recht aushillegt.

Dir, Här Kultusminister, als eigentlech responsabele Minister, haalt Iech einfach eraus an där Affär a leet alles am Inneminister seng Hänn, obwuel Dir wësst, datt d’Lompe méi wéi sténken an dat am ganze Land.

An Dir, Här Inneminister, als Frontmann an dësem Dossier, verstoppt Iech nëmme hannert dem Äerzbëschof senger Ënnerschrëft, dem Regierungsprogramm, hallwe Rapporten, den eegene Circulairen a verweigert de Concernéierte selwer zanter bal zwee Jar den Dialog.

Här Hollerich, Här Bettel, Här Kersch wär et wuel um Enn vun dësem mouvementéierte Jar, dach net Zäit fir deen onsägleche Gesetzprojet op Äis ze leeën, a mat allen concernéierte Parteien a Gremien un engem Dësch no Léisungen ze sichen? Wei d’Geschicht ëmmer erëm weist, si mat der Briechstaang an ënner Drock nach ni gutt Resultater erziilt ginn. Firwat soll dat hei dann elo anescht sinn?

Dofir riicht de SYFEL an dësem oppene Bréif nach emol en Appell un Iech, des Saach op eng verstänneg, demokratesch a legal Aart a Weis op de Leescht ze huelen.

Deementspriechend eng besënnlech Chrëscht- resp. Wanterzäit

de SYFEL